

"De Lämmes" an "Piraten"

De Kannertheater Jaddermunnes geet rëm op Turnee, nom Kapuzinertheater an der Stad kräiz a quer du-
erch d'Land. Séng neiste Produktiounen, wéi ëmmer
aus der Fieder an ënnert der Regie vum Jemp Schu-
ster, heeschen "De Lämmes" a "Piraten"; si riichte
séch u Kanner tëschent 4 an 12 Joer. D'Akteure sin
d'Mady Dürer, den Ender Frings an de Jemp Schu-
ster. D'Musék, d'Kostümer an den Dekor komme
vum Balli Baldauff, vum Lina Seyler a vum Claude
Leuenberger.

Wéi ëmmer sëtzt et séch gemittlech am däischtere
Kapuzinertheater, wann de Reen op den Daach dub-
bert wéi wëll. Wéi ëmmer wibbelt a ramouert et an
de Bänken, bis de Rido opgeet an déi kleng Geschicht

"De Lämmes" séch melancolesch ukënnegt. E Kand
gët vun engem Ris an engem wëlle Bësch an en ellent
Déier verzaubert, gët gejot a verhandst bis eng aner
geschonne Kreatur - de stomme Kniecht vun engem
wéischte Fieschter - hatt a säin Häerz schléisst an hatt
doduerch an e Kand zréckzaubert. Dës Geschicht
kënnst melodesch, sentimental an zäertlech iwwert d'-
Bühn. E puer batterséiss Drëpse Philosophie si bäi-
gemëscht: En ale Bopa duddert géint de Militarism-
mus, géint de Krich, bréngt sénger Enkelduechter
wäertvoll Altersweishete bäi ("Trauregsin gehéiert
och zum Liewen") a bréngt den Thema Dout op d'-
Bühn.

Wat Arroganz as, gët e gewuer vun engem Hermelin, wat Muecht as, weist den Zauberris, an d'Wärmt kennt ganz um Enn vum stomme Knecht. Nët ze vergiessen déi al Ditti, déi ënnert hirem schwéire Bockel al Zorte vu Géigemëttel parat huet géint d'grausam Gesetzter am Bësch. An där hir tockseg an ziddreg Melodi de besënnleche Rhythmus vum Stéck wonnerbar ënnersträicht: "De Ris deen huet méng Kéi gefriess, wäit wäit dohannen am Bësch. Wann ech méi staark an dichteg wir, da krit hien eng vu mir op d'Stir."

Hannen um Enn kennt d'Happyend, dat e bësschen zevill happy as, mee voll an der Tradition vu klassesche Märcherer läit, déi - wéi eng aktuell Moud et virschreift - d'Kanner batternéideg brauchen.

No dësem luesen, besënnleche Stéck as Action mat "Piraten" ugekënnegt. D'gewëtzte Piratin Kick an de staarken, mee nët ganz louse Pirat Huck leie séch permanent an den Hoerëm éiweg déiselwécht Fro: Wien as um Schëff de Kapitän? Wien iwwerhëlt um Schëff

de Kichendéngscht? Moderéiert gët dëse Geschlechterkrich tëschent Pirat(innen) vum Matrous Héngchen, deen och zoustänneg as fir d'Wassermonstere, dat heescht fir d'Kanner aus dem Publikum, déi an enger klenger Zuel därerfe matwiirken op der Bühn.

Datt d'Piratefeministin Kick ("déi eenzeg Fra ouni den Zidderer an de Knéien") am Dram nët drun denkt, séch an d'Schiffskichen ze verzéien, as e Liichtbléck an dësem Stéck - leider deen eenzeg. Wat eng rasant, witzeg an explosiv Persiflage op d'Pirateliewe sollt sin, gOUNG ënner am Klamauk, am Radau an am Trawolt. Virun engem originelle Schëffsdekor op der Bühn gouf gesprong, gejaut, geturnt, geknuppt - eng verlueren Hetzjueg no Witzer an no Pointen.

Sou datt e muss soen: Dem Jemp Schuster séng Ironi a säin Humor gOUNG ënner wéi e gekentert Pirateschëff. Séng Esthetik a séng Ethik fir Kanner koumen aleng am éischten Deel zum Ausdrock.

Nicole Paulus
